# The Horse Blinders

**Wann d'Selma duerch deng Dreem geeschtert, wanns du net weess, obs du dech fir Hierken oder Mettwurscht entscheede solls an wanns du ee Selfie mam Thierry van Werveke an der Täsch hues, dann ass alles kloer: The Horse Blinders sinn an der Stad! Vun der Buurschter Plage bis an den Outer Space geet hir Tournée 2023 a se start de 4. Februar am Ancien Cinéma zu Veianen.**
**De Roger Melcher an de Roland Meyer vun de Winklepickers, d'Frère Jacquen Bock a Ruppert vun de Crossroads an de Mulles Scholtes vun de Convertibles zerwéieren een erfrëschend sprëtzege Mix de Lux vum Allerfeinsten: knallege Pop, säftege Blues an zolitte Rock op Lëtzebuergesch: witzeg, lëschteg, satiresch a kabarettistesch Texter, aus dem Liewe gegraff, vun der Long op Zong! Wien do net wibbeleg gëtt ass selwer Schold.**
**The Horse Blinders, fënnef gestanen al wäiss Bouwen, déi wësse wat se maachen an déi wëssen, wéi se hire Publikum zum Lauschteren, zum Laachen an zum Danze kréien. Cheers!**

**Also… Hierken oder Mettwurscht? Do deng Scheiklappen aus a maach dech op e flotten Owend gefaasst, mat gudder Ambiance a leckerem lëtzebuerger Kascht!**